

Scouten Saint Louis / Sainte Irmine Boueweg: 100 Joer!

Dir feiert 100 Joer. Wéi ass dat méiglech, datt dir ëmmer nach attraktiv fir jonk Famille sidd?

Dat läit virun allem dodrun, datt d'Guiden a Scouten sech ëmmer nees un d'Zäit ugepasst hunn, ouni hir Wuerzelen ze verléieren. De Grupp bitt haut eng modern, oppen a villfälteg Form vu Gemeinschaft un, mat dem Bléck op Diversitéit, Oppenheet an Aktivitéiten, déi fir Kanner a Jugendlecher attraktiv sinn. Gläichzäiteg gëtt probéiert, mat engem alen, verstëbste Scouts-Image opzeraumen an eng Alternativ zur moderner Medien- a Konsum Welt ze sinn.

Wéi muss een sech är Aktivitéite virstellen?

Et ginn déi wéchentlech Versammlungen, opgedeelt no Alter: Biber (6-8 Joer), Wëllef (8-11 Joer), Avex (11-14 Joer), CaraPio (14-17 Joer) a Raro (17-23 Joer). Nieft dese reegelméisseg Versammlunge ginn et

vill zousätzlech Aktivitéiten, wéi zum Beispill Sortien, Weekender a Campen.

Déi verschidden Aktivitéite ginn altersgerecht organiséiert. Während déi kleng Kanner, an de Biber a Wëllef nach méi spillen, léieren d'Kanner a Jugendleche an den Avex, CaraPio a RaRo ëmmer méi Verantwortung ze iwwerhuelen, an hir Aktivitéiten no an no selwer ze plangen an duerchzuféieren. Et gëtt op alle Fall ëmmer probéiert souvill wéi méiglech Aktivitéiten an der Natur ze organiséieren.

Déi Mëschung aus Erzéiung, Spill, Gemeinschaft an ëffentleche Manifestatiounen mécht de Guidismus a Scoutismus esou lieweg.

Wéi sidd dir mat Bouneweg verwuerzelt?

De Grupp ass säit senger Grënnung 1926 fest am Quartier verankert. Mir hu jo och eisen eegene Chalet hei zu Bouneweg. Mir organiséiere selwer reegelméisseg lokal



Festivitéiten, wéi d'Buergbrennen, Theater an eis Guiden - a Scoutskiernes. Dës traditionell Manifestatiounen maache mir scho säit Joerzéngten a sinn am ëffentleche Liewe vu Bouneweg present.

Wat war ee grouse Moment fir déi Bouneweger Guiden a Scouten am Laf vun den 100 Joer?

Zu deene grouse Momenter an der Geschicht vun de Guiden a Scoute gehéiere mat Sécherheet den internationale Jamboree 1948 um Kaltreis an de Bau vun eisem Chalet 1950. Och déi komplett Renovatioun vum Chalet ab 1998 a säin Ausbau 2009 gehéieren dozou. All eis Aktivitéite stinn am Mëttelpunkt, am Chalet op eiser Wiss oder an der Natur. De Camp ass all Joer e groussen Highlight. Wichteg fir d'Scouten zu Bouneweg war mat Sécherheet och d'Fusioun mat de Guiden. Domat hu mir eis mat engem wichtege Schrëtt der moderner Entwécklung ugepasst.

D'Jongen an d'Meedercher waren an der Zäit getrennt. Wéi a wéini ass den Iwwergang zu gemëschter Gruppe passéiert?

De Verband vun de Lëtzebuurger Scouten war e Jongeveräin, während parallel dozou d'Lëtzebuurger Guiden e Veräin fir Meedercher war. Dat war international och sou gereegelt.



EDITION ONLINE : WWW.BONNEVOIE.INFO



Entente des
Sociétés de Bonnevoie
ASBL

RÉDACTION : Laure SIMON-BECKER
E-mail : laure.simon@pt.lu

Tirage : 1 000 exemplaires
Distribution gratuite



Schonn an den 1960^{er} Joren hunn d'Ranger vun de Guiden an d'Rover vun de Scouten hei zu Bouneweg zesummege schafft.

Déi éischt Diskussiounen hei zou Bouneweg Meedercher an de Scouten opzehuelen, si schonn 1986 gefouert ginn. Sait dem Joer 1989 hu mir Meedercher an de Wëllef ugeholl. Ab 1991 hunn d'Guiden a Scouten hei zu Bouneweg fest zesummege schafft. Déi offiziell Fusioun vun de Verbänn vun de Lëtzeburger Scouten an de Lëtzeburger Guiden war de 15. Mee 1994 op engem ausserordentleche Chefdag hei zu Bouneweg. Eng offiziell Fusioun vun de Guides Ste Irmine an de Scouts St Louis war schlussendlech de 17. Dezember 1996.

Haut ass den Undeel u Jongen a Meedercher ausgeglach. D'Zesummeschaffe vu Jongen a Meedercher ass haut d'Normalitéit.

Gëtt et haut nach Uniformen? Firwat sinn déi gutt?

Jo, d'Scoutsuniform gehéiert nach ëmmer zu der Identitéit vun de Guiden a Scouten. Et war d'Grondiddi vum Robert Baden Powell deen d'Scoute gegrënnt huet,



dat jiddereen déi selwecht Kleeder unhuet ob aarm oder räch. D'Uniform mécht d'Zougehéiregkeet zum Verband siichtbar a stäerkt d'Iddi vun enger gemeinsamer Beweegung déi Traditioun a Modernitéit verbënnt.

Wéi ginn déi 100 Joer gefeiert? Gëtt et eng Broschür?

Am Kader vun de Feiere goufe schonn Aktivitéiten organiséiert, zum Beispill e grouse Quizowend am Centre culturel zu Bouneweg, een Hike, een Anciennstreff, ee grouse gemeinsame Camp, etc.. D'Feier ass also net just eng eenzeg Veranstaltung, mee eng Rei vu

Momenter, déi d'Liewe vum Grupp weisen. Eng grouss Ofschlossfeier ass de 24. Oktober 2026. A Jo, et gëtt eng Broschür vun iwwer 200 Säiten, déi eis 100 Joer al Geschicht mat honnerte Fotoen, Erënnerungen an engem Réckbléck dokumentéiert, an eise Grupp presentéiert.



Broschür

Lëtzeburger Guiden a Scouten Bouneweg a.s.b.l.
Grupp St. Louis - Ste. Irmine
20, rue Gabriel Lippmann - 1053 Luxembourg
R.C.S. Luxembourg 17.120

100 JOER
1926-2026
St. Louis - Ste. Irmine
BOUNEWEG

Un eis Aktivitéiten aus de vergaangenen 100 Joer erënnere mir eis, an engem faarweger Broschür, déi mir am Kader vun eise Feierlechkeete publizéieren.

Format 17x24 cm / iwwer 200 Säiten
Iwwer 500 Biller a Photoen

Präis 50 €

Dir kënnt eis Broschür bestelle mat enger Iwwerweisung op eise Kont vun „LGS Bouneweg“
BCEE IBAN LU18 0019 7355 9487 4000
oder per QR-Code bis spëtstens de 25. September 2026.

Mat engem Don vun 100 € kommt dir als „Donateur“ an eis Broschür stoen, wann dir dat wëllt. Dir kritt dann natierlech och eng Broschür.

Mir bekömmern eis ëm d'Verdeel vum der Broschür gratis.

Dir kënnt är finanziell Participatioun op eisem Formular iwwer de QR-Code umellen, oder ons per Mail op 100joer@bouneweg.lgs.lu kontaktéieren.

Félicitioun vun der Entente des Sociétés de Bonnevoie!

E Gespräch tëschent dem Laure Simon, Entente, an dem Patrick Prim, Bouneweger Scouten



Yves Braun

PEINTRE DECORATEUR • FAÇADIER • PLAFONNEUR

WWW.BRAUN.LU

TEL: 48 41 61 - 1
FAX: 48 41 61 - 41

**29 A RUE DU PUIITS
L-2355 LUXEMBOURG**

LÉIF LIESERINNEN A LÉIF LIESER VUN DEN NDB, LÉIF MEMBERE VUN DE VERÄINER

Mir feiere 75 Joer Entente des Sociétés de Bonnevoie, dat ass zwar kee ronne Gebuertsdag, mee 75 Joer sinn trotzdeem net näischt.

Et ass d'Geleeënheet, fir zrëck ze kucken, en Deel vun där vergaangener Zäit Revue passéieren ze loossen an sech och vläicht déi eng oder aner Fro ze stellen.

1952 also ass d'Entente gegrënnt ginn, 2027 ginn dat 75 Joer.

E Merci geet vun eiser Säit aus un d'Grënner, déi als Zil haten, de Geescht vu Frëndschaft a Solidaritéit tëschen deenen eenzelne Veräiner ze fërderen, fir sech esou zesummen anzesetze fir d'Wuel vun der Gemeinschaft.

Dës Uleies sinn och haut nach wichteg, vläicht esouguer méi wéi je. Mir liewen haut an enger Gesellschaft, an där vill Mënschen individuell handeln, op hiren eegene Virdeel beduecht sinn, déi also net méi am Sënn vun der Gemeinschaft handeln.

Mir alleguer wëssen och, dass et net ëmmer einfach ass fir Veräiner, hir Aktivitéiten ze plangen, Datumer ze fannen an ze reservéieren. Heiansdo kann et do mol zu Problemer kommen. D'Entente ass dann dofir do, fir dat mat deenen eenzelnen Veräiner an eventuell och mat der Gemeng ze klären.

Eng aner Roll vun der Entente ass och, fir sech ëm d'Liewen zu Bouneweg ze këmmern, kucken op eppes net esou klappt wéi et soll, den Doléancen vun

den Awunner nozelauschteren an dës weider ze ginn un déi zoustänneg Plazen. Dat ass mat Aarbecht a vill gudder Wëll verbonden. Déi Leit, déi sech engagéiert hunn, maachen dat bénévol, an hirer Fräizäit.

Mir wëllen no vir kuken, probéieren am Sënn vun der Gemeinschaft weider ze maachen a fir d'Veräiner do ze sinn.

2027 feiere mir also, mir wäerten lech alleguer um Courant halen iwwert e puer Aktivitéiten, déi mir organiséieren.

Loosst lech iwwerraschen!

Eng Gemeinschaft, eng Gesellschaft kann nëmme lieweg sinn, wa mir zesummen halen a probéieren, un engem Strang ze zéien. Dëst gëllt esouwuel fir d'Veräiner, wéi fir d'Gemeng an de Conseil vun der Entente.

Op weiderhin eng gutt Zesummenaarbecht, op e liewege Gebuertsdag an ...ad multos anos.

Fir de Conseil vun der Entente

Jij Linster-Besch
Präsidentin

75

*Nous vous invitons à participer à la 2ème édition
du rendez-vous des Français du Luxembourg,
sous le haut patronage de l'Ambassade de France au Luxembourg*

L'ÉTÉ FRANCE

Samedi 26 septembre 10h - 17h

ENTRÉE LIBRE - OUVERT À TOUS

VAUBAN, Ecole et Lycée Français de Luxembourg

letzfrance25@gmail.com [@letz_france](https://www.instagram.com/letz_france) [L'été France](https://www.facebook.com/LetzFrance)

avec le soutien de



Organisé par



TATORT BONNEWEG: WIE STUDIERENDE DAS BONNEWEG DER 1920^{ER} JAHRE KENNENLERNEN

Ein Kriminalroman aus dem Jahr 1931 war in diesem Sommersemester der rote Faden im Public-History-Seminar „Representing the City of Luxembourg“ an der Universität Luxemburg. „Die tote Hand“, geschrieben vom jungen Bonneweger Tony Jungblut, spielt mitten im Viertel zwischen Bahnhof und dem einstigen Steinbruch. Die meisten Studierenden kannten das Viertel kaum. Bevor sie sich also den alten Stadtplänen, Fotografien und dem Kriminalroman zuwandten, schickten die beiden Kursverantwortliche Dr. Marie-Paule Jungblut (Geschichte) und Tom Becker (Geografie und Raumplanung) die Gruppe deshalb zunächst auf eine selbstgeführte Feldarbeit durch das heutige Bonneweg, den Bahnhofsbereich und kleine Teile der Altstadt.



Der Krimi „Die tote Hand“

„Die tote Hand“ ist ein Kriminalroman, der 1931 als Fortsetzungsroman in der Zeitschrift „Das Füllhorn“ erschien. Verfasst hat ihn damals der erst 18-jährige Anton (Tony) Jungblut, der selbst in Bonneweg aufwuchs. Die Geschichte beginnt in einer nebligen Winternacht im Luxemburg der späten 1920^{er} Jahre. In Bonneweg wird ein Mord begangen, der zahlreiche Figuren aus Bonneweg und der städtischen Schattenwelt in das Geschehen verwickelt. Der Roman gilt als früher Beitrag zur luxemburgischen Kriminalliteratur und zeichnet nebenbei ein gutes Bild des Alltags im Viertel.

In drei Gruppen legten die Studierenden eigene Routen mit jeweils zehn Stationen fest. An jedem Halt hielten sie fest, was sie mit allen Sinnen wahrnahmen: Geräusche, Gerüche, aber auch wer den Raum nutzt, wie er räumlich aufgebaut ist und welche Spuren früherer Zeiten wie beispielsweise Fassaden, Relikte vergangener Nutzungen oder Beschilderungen noch sichtbar sind. Diese Methode der Spurensuche liest einen Ort wie ein Archiv, da jede Straße und jeder Platz mehrere zeitliche Schichten in sich tragen, auch wenn man sie im Alltag oftmals übersieht. Wer aber genau hinsieht, kann diese Schichten wie Spuren lesen, die die Vergangenheit im heutigen Stadtbild hinterlassen hat.

Hier ein Beispiel aus der gemeinsamen Auswertung: die Place du Parc mit ihrem Pavillon wirkt aufgrund der offenen,

sonnigen Wiese mir zwei Monumenten und einer Café-Terrasse an der Ecke sehr gepflegt. Die Studierenden beobachteten SpaziergängerInnen mit Hunden, Café-Gäste und Menschen, die dort einfach eine ruhige Pause machten. Besonders der runde Pavillon in der Platzmitte zog ihre Aufmerksamkeit auf sich. Mehrere Studierende vermuteten, dass er früher mal als Musikbühne diente und der Platz insgesamt einmal ein Markt- oder Versammlungsort des Viertels gewesen sein könnte. Direkt daneben, steht seit 2023 eine Bronzeskulptur, die an „Severo Delgado“ erinnert und an sechzig Jahre Migration und Freundschaft zwischen Luxemburg und Kap Verde. Sie stellt eine noch sehr junge Spur mitten im alten Herz des Platzes dar. Nur wenige Schritte weiter entdeckte die Gruppe noch eine dritte, viel ältere Schicht, nämlich eine Gedenktafel an der Nummer 14,

die auf das Geburtshaus des Physik-Nobelpreisträgers Gabriel Lippmann (geb. 1845) hinweist. Die vierte und älteste Schicht schließlich reicht bis ins Mittelalter zurück: Die Place du Parc liegt genau im Bereich des ehemaligen Nonnenklosters Bonneweg, von dem sich bis heute nur ein Torbogen erhalten hat. Vier Zeitschichten also auf engstem Raum, die sich erst beim genauen Hinsehen erschließen.

Ganz anders die Rue de l'Egalité, nur wenige Gehminuten von der Place du Parc entfernt. Am oberen Ende der eher breiten und ruhigen Straße fanden die Studierenden eine kleine Aussichtsstelle mit Blick ins Alzette-Tal. Wenige Schritte weiter fielen ihnen dann Wohnblöcke im nüchternen Stil der 1970^{er} Jahre auf. „Quadratisch-praktisch-gut“, wie ein Student notierte, wirken diese Bauten fast ein

wenig trist. Vor Ort selbst fanden die Studierenden keinerlei Hinweise auf eine andere, ältere Nutzung. Erst in der zweiten Sitzung, als die Gruppen ihre Stationen und Anmerkungen auf eine Quartierskarte übertrugen und mit Luftaufnahmen aus dem Jahr 1963 verglichen, erkannten sie, dass dort, wo heute einheitliche Wohnblöcke stehen, bis in die 1960^{er} Jahre hinein ein größerer Steinbruch inmitten von Feldern und Wiesen lag. Die kompakten Wohnblöcke entpuppten sich damit selbst als Spur der schnellen Wohnungsschaffung, die nach der Schließung des Steinbruchs auf dem freigewordenen Gelände einsetzte.

Anhand historischer Stadtpläne tauchten die Studierenden schließlich Schritt für Schritt tiefer in das Bonneweg der 1920^{er} Jahre ein, bis in jene Zeit, in der auch Tony Jungbluts Roman „Die tote Hand“ spielt. Im Stadtarchiv wurden ihnen Pläne, Zeichnungen und amtliche Dokumente zur Geschichte des Stadtviertels vorgestellt. Aus der Kombination an Feldarbeit, Romananalyse, Kartenarbeit und Archivrecherche entstanden am Ende des Semesters kurze, für ein breites Publikum geschriebene Geschichten zu ganz unterschiedlichen Aspekten des Bonneweger Alltags der Zwischenkriegszeit, etwa zur Rolle der Hausfrauen im Viertel, zum Leben der Eisenbahner oder zu Themen wie Wohnungsnot, Alkohol oder dem aufkommenden Kino. Jede dieser Geschichten verortet zudem eine Szene aus dem Roman an einem konkreten Ort in Bonneweg.



© Administration du cadastre et de la topographie, Grand-Duché de Luxembourg.
Reproduction autorisée par l'ACT.

Lesung im Tiers-Lieu

Am 12. Mai las Christine Durbach im Tiers-Lieu in Bonneweg aus dem Roman „Die tote Hand“, eingeleitet von Dr. Marie-Paule Jungblut. Organisiert wurde der Abend gemeinsam mit der Entente des Sociétés de Bonnevoie.

Auf Basis dieser Arbeiten werden die Kursleiter in den kommenden Monaten eine digitale Stadtführung durch Bonneweg erarbeiten. Die Tour wird nach und nach fertiggestellt und anschließend öffentlich zugänglich gemacht.

Tom Becker

Dr. Marie-Paule Jungblut

BOUNEWEGER NEIEGKEETEN

CALENDRIER 2026-2027 DES PROCHAINES ÉDITIONS

N°	Clôture rédactionnelle	Livraison
173	Dim. 22 novembre 2026	Merc. 2 décembre 2026
174	Dim. 21 février 2027	Merc. 3 mars 2027
175	Dim. 27 août 2027	Merc. 8 septembre 2027

CHAUSSURES

Leon
— DEPUIS 1924 —

62, avenue de la Liberté | L-1930 Luxembourg-Gare
Tél: 484497

Shopping Center Belle Etoile | route d'Arlon

www.leon.lu

BONNEWEG: WO BILDUNG, KULTUR UND BEGEGNUNG ZUSAMMENKOMMEN

Die Wurzeln des heutigen **Centre culturel et d'éducation populaire de Bonnevoie (CCEPB)** reichen bis ins Jahr 1910 zurück. In einer Zeit, in der vielerorts Vereinigungen entstanden, um breiteren Bevölkerungsschichten den Zugang zu Bildung und Wissen zu ermöglichen, fand diese Idee auch in Bonneweg schnell Anklang. Der industriell geprägte und rasch wachsende Stadtteil bot dafür einen fruchtbaren Boden.

Engagierte Einwohnerinnen und Einwohner organisierten Vorträge, Lesungen und Weiterbildungskurse. Dabei ging es von Anfang an um mehr als die reine Vermittlung von Wissen: Menschen sollten miteinander ins Gespräch kommen, Neues entdecken und Gemeinschaft erleben.

Die Weltkriege unterbrachen diese Entwicklung. Doch nach dem Zweiten Weltkrieg wurde die Arbeit wieder aufgenommen. Theaterabende und kulturelle Veranstaltungen kamen hinzu, auch eine Bibliothek gehörte zum Angebot. Über die Jahrzehnte entwickelte sich der Verein so zu einem festen Bestandteil des gesellschaftlichen und kulturellen Lebens in Bonneweg.

Seit 1980 trägt er den Namen **Centre culturel et d'éducation populaire de Bonnevoie (CCEPB) Bouneweger Volleksbildungsveräin**. Der Grundgedanke ist geblieben: Kultur und Bildung sollen Menschen zusammenbringen. Wie lebendig dieser Anspruch bis heute ist, zeigt ein Blick auf das Programm des Jahres 2026.

Literatur und Entdeckungen

Einen festen Platz nehmen die „**Lundis littéraires**“ und „**Lundis découverte**“ ein, eine sehr wertvolle Initiative von Philippe Claramunt / Bibliothekar. Dabei reicht das Spektrum von Luxemburger Geschichte und Literatur bis hin zu Kunst und persönlichen und interessanten Begegnungen.

Nach der Sommerpause geht es am **7. September** mit Ott Neuens und „**Peinture précieuse au lapis lazuli et à l'or**“ weiter. Am **5. Oktober** folgt Catherine Gaeng mit „**Donc nous avons menti au public**“. Enrico Lunghi gestaltet am **16. November** den literarischen Montag „**Wim Delvoye et moi – art, amitiés et turbulences**“. Den Abschluss bildet am **7. Dezember** Loïc Hommel mit „**Ënnert de Stären**“.

Kultur wird auch unterwegs entdeckt ...

Dass kulturelle Bildung nicht nur im Veranstaltungssaal stattfindet, zeigen auch die gemeinsamen Exkursionen des CCEPB, die dieses Jahr nach Vianden, Grevenmacher und Bourscheid führten.

Eine alte Idee, die lebendig geblieben ist!

Mehr als ein Jahrhundert liegt zwischen den ersten Bildungsinitiativen in Bonneweg und dem heutigen Programm des CCEPB. Die Formen haben sich verändert, der Grundgedanke jedoch kaum: Menschen zusammenzubringen, Wissen weiterzugeben, Kultur zugänglich zu machen und gleichzeitig Raum für persönliche Begegnungen zu schaffen.

Literaturabende, Vorträge, Kunst, Geschichte und gemeinsame Ausflüge zeigen, dass „éducation populaire“ auch heute nicht nur Bildung im klassischen Sinn bedeutet. Es geht um Neugier, Austausch und darum, Kultur gemeinsam zu erleben – in Bonneweg und weit darüber hinaus.

www.ccep-bonnevoie.lu

www.bonnevoie.info

Sascha Dahm
Vize-Präsident

SECURITY -SOLUTIONS

tel: 492762 **ALARMES**

JPB
MONTAGE & BESCHLAGTECHNIK BEWENG
SICHERHEITSSYSTEME

coffres-forts
contrôle d'accès
vidéo surveillance
boîtes aux lettres
cylindres électroniques

L-2729 Luxembourg-Bonnevoie rue St. Willibrord, 12

www.beweng.lu



BOUNEWEGER

STUFF

LUXEMBOURG

VIVRE ENSEMBLE : (PAR)COURS INTERCULTUREL

Chères résidentes résidents de Bonnevoie et au-delà !

La qualité de nos interactions au quotidien s'en trouveront enrichies.



Dans le cadre d'un nouveau projet (2025-2028), notre association est en train de concevoir un cours en ligne mettant l'accent sur le vivre-ensemble interculturel au Luxembourg et au-delà.



Ce (par)cours interculturel est ouvert à toutes et à tous.



Il est organisé autour de 6 grandes thématiques : citoyenneté, culture, langues, santé, éducation, et nature.



Les apports pratiques et les exercices, à découvrir dans chaque module, aident à mieux tenir compte, au quotidien, de différentes compétences interculturelles. Par exemple, l'écoute active, la curiosité, l'empathie, l'ouverture d'esprit, la conscience de soi et d'autres encore.



TRANSFORMEZ-VOUS



En résumé, *Vivre ensemble : (par)cours interculturel* est un cours en ligne que l'on peut mener à son rythme, comportant 6 thématiques, 12 modules d'apprentissage, 15 compétences interculturelles.



Il sera disponible, gratuitement, sur la plateforme FUN MOOC à compter du 1er octobre 2026.



Inscrivez-vous sur
www.fun-mooc

Nous offrirons, pour les résidents du Luxembourg qui le souhaitent, un suivi et une aide personnalisés. Nous organisons, de plus, un atelier convivial au Tiers-Lieu de Bonnevoie le 24 septembre à partir de 14h00. Rejoignez-nous!



Ce cours est réalisé dans le contexte de la mise en œuvre du projet "Les soft skills de l'interculturel en pratique". Ce projet est soutenu par le Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil du Luxembourg et cofinancé par l'Union européenne dans le cadre du fonds "Asile, migration et intégration" (AMIF).

Zesumme
Liewen



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil



Cofinancé par
l'Union européenne



FANFARE PRINCE HENRI
fondée en 1957

fondée en 1898
**FANFARE MUNICIPALE
LUXEMBOURG BONNEVOIE**
association sans but lucratif

ÉCOLE DE MUSIQUE
fondée en 1966



CONCERTS OFFERTS PAR LA FANFARE MUNICIPALE LUXEMBOURG-BONNEVOIE (FMLB) ET LA FANFARE PRINCE HENRI (FPH).

D'Bouneweger Musek an d'Fanfare Prince Henri invitéieren ganz häerzlech hir Frënn a Sympathisanten op hir nächst Concerten :

La Fanfare Municipale Luxembourg-Bonnevoie et la Fanfare Prince Henri invitent cordialement leurs amis et sympathisants aux prochains concerts :

**VENDREDI 4.09.2026 (SOIR)
ET
SAMEDI 5.09.2026 (MATIN)**

**« Hämmelsmarsch » à l'occasion de
la kermesse à Luxembourg-Ville**

SAMEDI 26.09.2026

Concert « Fanfare Remix »
Rotondes de Bonnevoie
Ticket : [rotondes.lu](https://www.rotondes.lu)

**DIMANCHE 18.10.2026
DE 15H00-18H00**

Halloweensbal fir Kanner
Centre Culturel Bonnevoie

DIMANCHE 25.10.2026 À 16.00

**Concert
100^{ème} anniversaire Ueswëller Musek
à Osweiler**

SAMEDI 28.11.2026 À 19.30

Lidderowend mam Fernande
Musekszenter Raymond Bausch

SAMEDI 12.12.2026 À 20H00

Wanter Concert
« Harmonie Kleinbettingen » et « Fanfare
Municipale Luxembourg-Bonnevoie »
Centre Culturel Bonnevoie

FMLB/FPH : ANER WICHTEG DATUMEN / AUTRES DATES IMPORTANTES :

21.11.2026	FPH- Messe de la sainte Caecile (église de Bonnevoie) (18h30)
23.01.2027	FMLB – Concert de Gala au Grand au Celo à Hesperange (20h00)
24.01.2027	FMLB – Concert de Gala au Grand au Celo à Hesperange (16h00)
21.03.2027	FPH – Concert Just Youth (Centre Culturel) (16h00)
24.04.2027	FMLB – Concert Just Music (Centre Culturel Bonnevoie) (20h00)

AUSZEECHNUNG FIR D'FANFARE MUNICIPALE LUXEMBOURG-BONNEVOIE BEIM WORLD MUSIC CONTEST ZU KERKRADE (NL)



De Samschdäg 18^{te} Juli 2026 ass d'Fanfare Municipale Luxembourg-Bonnevoie beim prestigieése World Music Contest (WMC) zu Kerkrade an der 1. Divisioun vun de Fanfaren ugetrueden, ënnert der Leedung vun hirem Dirigent Romain Kerschen.

Mat hirer erneiter Participatioun un dësem Concours, deen oft als Weltmeeschterschaft vun de Museken bezechent gëtt, huet den Orchester e bewusste Schrëtt a senger musikalescher Entwécklung gemaach.

D'Bouneweger Musek huet e programmatesch usprochsvollen Optrëtt gebueden, mat dem Imposé «Apatheia» vum Kevin Houben an «The Lords of Masmine» vum Jan van der Roost. E besonneschen Héichpunkt vum Programm war d'Wierk «Stellarium», dat de Lëtzebuurger Komponist Georges Sadeler speziell fir d'Bouneweger Musek fir dëse Concours geschriwwen huet. D'Jury,

bestehend aus dem Luud Goossens, Jan de Haan, Luc Vertommen a Frans-Aerth Burghgraef, huet d'Leeschtung vum Orchester mat 85,53 Punkten (16^{te} Plaz) bewäert a mat enger Goldmedaille ausgezeechent.

De President vun der Bouneweger Musek, François Benoy, huet sech stolz iwwert den Optrëtt gewisen: „Ech sinn immens houfreg op eis 68 Musikantinnen a Musikanten. D'Aarbecht an d'Disziplin, déi si an de leschte Méint an dëse Projet gestach hunn, ass remarkabel.“

Den Dirigent Romain Kerschen huet d'Leeschtung vu senge Leit op der Bühn erfirgestrach: „Vun der éischter bis zur leschter Sekonn war d'Konzentratioun ze spieren an de Wellen vun all eenzelnen den eegene Maximum ze ginn – genee dat huet dësen Optrëtt esou speziell gemaach.“

D'Fanfare Municipale Luxembourg-Bonnevoie seet dem Kulturministère an der Stad Lëtzebuerg e grouse Merci fir hir finanziell Ënnerstëtzung, déi dës Participatioun méiglech gemaach huet. De Weekend zu Kerkrade huet sech nieft der musikalescher Leeschtung awer och als flott Erlefnis gewisen. „Merci wëlle mir och all deene Leit soen, déi eis op eisem Wee op Kerkrade ënnerstëtzt hunn an eis mat léiwe Wënsch gratuléiert hunn nom Concours“, esou de President.

Mat dësem Optrëtt ass d'Bouneweger Musek an d'Summerpaus gaangen. D'Musikanten kucken awer schonn no vir: Direkt no der Vakanz ginn d'Prouwe weider. Den 25. Oktober spillt d'Bouneweger Musek e Concert zu Uesweiler, fir de 100. Anniversaire vun der lokaler Musek ze feieren.





Am Kader vum *Internationalen Dag vun den eelere Mënschen*
an dem *Joer vum Benevolat*.

À l'occasion de la *Journée internationale des personnes âgées*
et de l'*année du bénévolat*.

Benevolat vun a fir eeler Leit

Le bénévolat par et pour les personnes âgées

IMPROVISATIOUNSTHEATER*

A PRESENTATIOUN VU **BENEVOLS PROJETEN**

IMPROVISATION THÉÂTRALE*
ET DÉCOUVERTE DE **PROJETS BÉNÉVOLES**

01.10.26

17:30 – 21:00

CENTRE CULTUREL DE BONNEVOIE

2, rue des Ardennes - L-1133 Luxembourg

Méi Informatiounen an Umeldung (obligatoresch)
Infos et réservation (obligatoire)

www.jipa.lu

Tél 36 04 78 – info@gero.lu

ENTRÉE GRATUITE

*en langue française



Fir weider Informatiounen,
scannt dëse Code
Pour plus d'infos,
scannez ce code



Journée internationale
des personnes âgées
www.jipa.lu

À l'initiative du

Mifa
De Familljeministère

gero
KOMPETENZCENTER
FIR DEN ALTER



FEDERATION LUXEMBOURGEOISE D'IMPROVISATION

Generatiounstreff

Aktiv Alterung / Vieillissement actif / Active ageing / Aktives Altern

Aktivitéitsservice fir Senioren / Service activités seniors / Seniors activities service / Seniorenaktivitätenservice

LU Ären idealen Treffpunkt fir sech an der Stad ze treffen!

Kreativ, ënnerhalsam, sportlech, kulturell a kulinäresch Aktivitéiten, Ausflüch, Tipps a vill méi. Dräimol am Joer erwaart lech e speziell op Senioren zugeschniddene Programm, deen en aktiven an erfüllenden Alterungsprozess fërdert. Entdeckt en a méllt lech un!

FR Votre adresse pour la convivialité en ville !

Activités créatives et ludiques, physiques, culturelles, gastronomiques, excursions, informations et conseils, etc. Trois fois par an, u programme d'activités diversifié et adapté aux besoins spécifiques du grand âge vous attend favorisant un vieillissement actif et épanouissant. Découvrez-le et inscrivez-vous !

EN Your go-to place for socialising in the city!

Creative, fun, physical, cultural, and gastronomic activities, excursions, advice, etc. Three times a year, a program of activities tailored to seniors awaits you, promoting active and fulfilling aging. Discover it and sign up!

DE Ihr idealer Treffpunkt für Geselligkeit in der Stadt!

Kreative, unterhaltsame, sportliche, kulturelle und kulinarische Aktivitäten, Ausflüge, Tipps und vieles mehr. Dreimal im Jahr erwartet Sie auf ein speziell auf Senioren zugeschnittenes Programm für ein aktives und erfülltes Altern. Entdecken Sie es und melden Sie sich an!

De Büro ass op / Horaire d'ouverture du bureau:

Méindes - Freides / lundi-vendredi 09h00 - 13h00

Fir all eis Aktivitéite kënnt Dir lech umellen iwwer / Pour toutes nos activités, vous pouvez vous inscrire par :

T. 40 22 40 oder/ou contact@generatiounstreff.lu

26, Dernier Sol. L-2543 Luxembourg (siège, Bonnevoie)

Erleben Sie festliche Musik zum Jahreswechsel:

Beim „Chrëschtconcert“ singen Sie Weihnachtslieder aus aller Welt, begleitet vom Luxembourg Philharmonic, zugunsten der „Fondation EME“. Zum neuen Jahr dirigiert Sir John Eliot Gardiner Strauss' Opernarien, interpretiert von Lea Desandre.

Noël & Nouvel An – La musique qui rassemble.

Célébrez les fêtes en musique : lors du « Chrëschtconcert », chantez des chants de Noël du monde entier, au profit de la Fondation EME. Pour débiter l'année, Sir John Eliot Gardiner dirige un concert consacré aux airs de Strauss, interprétés par Lea Desandre.

Chrëschtconcert / Concert de Noël : 22.12.2026, 19h00, Philharmonie 44€

Neijoerschconcert / Concert de Nouvel An : 06.01.2027, 19h00, Philharmonie 62 €

Transportoption / Option de transport Minibus GT : 18h15, 10 €


Anmeldung und Stornierung bis zum / Inscription et annulation jusqu'au 22.09.2026 !

Achtung: Die Plätze sind begrenzt! / Attention : les places sont limitées !

Mehr Infos / Plus d'infos : contact@generatiounstreff.lu · Tél. : 40 22 40

Organisiert in Partnerschaft mit dem Seniorenservice-VDL Organisé en partenariat avec le Service Seniors-VDL

PHARMACIE DU GLOBE



**14 place de la Gare
L-1616 Luxembourg
Tél: 48 70 09**

**Du Lundi au Vendredi de 7h00 à 20h00
Le Samedi de 9h00 à 19h00**

**Visitez notre pharmacie en ligne
www.pharmaglobe.lu**